
3/2024



# Ripevusch

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

**Ripevusch**

**Coverfoto** Jil Peiffer
**Relecture** Merci dem Gaby Pavant
**Layout, Conception** Apart Design Studio
**Impression** Imprimerie reka
**Tirage** 950 exemplaires

**ISSN 3028-8177**

**Redaktiounsschluss**
fir den Ripevusch 1/2025
ass den 15. Abrëll 2025

**Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu**

Das Kopieren oder Extrahieren von Text- oder Bildmaterial ohne entsprechende Genehmigung ist strengstens untersagt.

La copie ou l'extraction de textes ou d'images sans autorisation correspondante est strictement interdite.


Schéi Feierdeeg
an e gudde Rutsch
an daat neit Joer

# An dëser Ausgab

| | |
|---|---|
| Virwuert | 06 |
| Aus der Gemeng | 08 |
| Dat si mir | 23 |
| Kanton Wëlle Westen | 53 |
| Gutt ze wëssen | 55 |
| Save the date | 60 |
| Telefonsbuch | 63 |



Aus der Gemeng:
Do wou geschafft gëtt

Dat si mir:
Hexeprozess - 400 Joer méi spéit





Aus dem Kanton Wëlle Westen:
Tour du Duerf

# E puer Betruechtunge vum Buergermeeschter zum Joresenn!



Mir liewen, geopolitisch gesinn, an enger turbulenter Zäit an ech schreiwen dës Zeile kuerz no der Trump-Victoire an Amerika, no dem Broch vun der Ampelkoalitioun an Däitschland an der definitiver Zesummesetzung vun de Kommissären an der EU, déi méi oneenig ass, wéi jee, an déi sech schwéier deet, eng gemeinsam Politik a Positioun a ville Beräicher ze fannen.

Dee feigen Ugréffskrich vu Putin-Russland an der Ukrain an dee fuerchtbare Konflikt am Gazasträifen an am Noen Osten, verbonne mat der ganzer Flüchtlingsproblematik, maachen eis an Europa an am Land d'Liewen nit méi einfach.

An déi klengsten demokratisch Entitéit, déi nun emol aus eise Gemenge besteet, kritt dat och ze spieren.

D'Wunnengsnout ass grouss, d'Kafkraaft geet zréck, d'Arbechtslosigkeet hëlt zou an d'Onzefriddenheet wiisst...

Eis Gesellschaft ass scho méi laang am Wandel an d'Bedürfnisser, d'Astellungen an d'Iwwerleeunge vun eise Biergerinnen a Bierger hu lues a lues fundamental changéiert.

An dorop, an ech woen dat ze behaapten, huet eis Gemeng sech proaktiv a positiv agestallt.

Mir bleiwen am Dialog mat eiser Populatioun, lauschteren no, versichen d'Doleancen ze verstoen a ginn och, wann et néidig ass, der Saach déi richtig Suitten...

Dass mer de Moment vun engem zolitte Verkéiersopkomme bal erdréckt ginn, ass ee Fakt, mee dee Problem ass nit hausgemaach a gouf vu baussen importéiert...

De Chantier zu Räichel huet massiven Trafic an eis Dierfer bruecht a mir verstinn d'Suerge vun eisen Awunnerinnen an Awunner duerchaus!

Trotzdeem kënne mer den Ëmbau vum Rond-Point nit blockéieren an ech erënneren drun, dass och zu Useldeng wärend e puer Méint d'Atertbréck viru Jore gespaart war an de Verkéier huet missten duerch Nopeschgemengen an aner Dierfer ëmgeleet ginn...

Mir hu schonns méi laang op eise Gemengestroossen Tempo-30-Zonen agefouert - op de Staatsstroossen hu mir d'Soen nit, an duerfir ass do nach ëmmer 50 km/h erlaabt -, an hu geduecht, dass all Chauffeur sech giff un déi virgeschriwwe Vitessen halen.

Deem ass awer leider nun nit esou, soudass mir zousätzlich Mesüren hu missten ergräifen.

Eis Police gouf opgefuerdert, méi heefig Radar-Kontrollen ofzehalen a generell méi haart duerchzegräifen.

Ausserdeem hu mir zousätzlich Hindernisser opgestallt, fir den Tempo ze bremsen.

# Mir komme virun, mir bougéieren a mir handelen...

A mir begréissen déi flott Initiativ vun dem Veräin „Bréckesteiler„ an den Duerfleit an der Haltestrooss zu Iewerleng, fir zousätzlich Stickeren als Rappel vun Tempo 30 op ville Plazen ze pechen.

Mir bleiwen zouversiichtlich an hoffe mat alle Bedeeligten, dass de Chantier zu Räichel viru Chrëschtdag erëm opgeet!

Mee, déi grouss Plo, déi eis de Moment alleguer bedréckt, ass temporär a geet eriwwer...

Nit eriwwer ass awer d'Inflatioun an d'Präiserhéijungen a bal allen Domänen.

D'Energiekäschte gi méi deier, d'Müllabfuhr och, a mir komme leider nit laanscht eng Upassung vum Waassertarif...

Duerch d'Gesetz si mir verpflicht ee käschtendeckende Waasserpräis ze errechnen an éischt Simulatioune sinn erschreckend...

Sou hu mir misste feststellen, dass mir aktuell een negativen Decalage vun Dépenses/Recettes an de Waassertaxen am 6-stellige Beräich hunn!

Déi Hausse ass schläichend an d'Luucht gaangen an huet elo eng Spëtzt erreecht, wou mer nit méi kënnen ewechkucken...

Mir kommen also nit méi laanscht eng Tarifupassung an engem Domän, wou mer et zënter Jore fäerdegbruecht hunn, de Präis niddrig ze halen an d'Lach duerch aner Ressourcen ze stoppen!

Schonn deen nächste Gemengebudget wäert deem musse Rechnung droen an dem Gemengerot bleift näischt aneschters iwwrig, wéi seng Responsabilitéit ze iwwerhuelen!

Mee dat wäerte mir „en âme et conscience„ maachen, genau sou wéi déi vill a wichtig Projeten, déi schonns eestëmmeg ugeholl gi sinn a sech um Instanzewee befannen. Op déi ginn ech elo nit an dësem Virwuert méi an, mee d'Entwécklung kënnt Dir un de Fotoe vun de Chantieren a Realisatiounen an dëser Editioun verfollegen.

Mir komme virun, mir bougéieren a mir handelen...

A mir verwalte gutt, well och 2024 hu mir, trotz héijen Investitiounen, keen neien Emprunt, deen am Budget 2024 virgesi war, getätigt!

Dat ass nit nëmmen erstaunlich, mee ass effektiv de Beweis vun enger gudder a gesonder Finanzgestioun.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Joer 2024 ass sou gutt wéi gelaf an et war nit dat Allerbescht...

A menger direkter Famill koum et zu Doudesfäll vun 2 Bridder, déi mech ee Liewe laang begleet a beroden hunn, a mat deenen ech schéin a manner schéi Momenter hat; an eisem Fréndeskrees aus der Gemeng hu Leit eis verlooss, mat deene mir villes gemeinsam erlieft hunn a mat deenen hirem Dout mir nach nit gerechent haten...


Zivil Begriefnisser huelen zou, där hat ech leider ze vill dëst Joer an ech hu festgestallt, dass de gemeinsame Bëschkierfecht mat Groussbus an dem Préizerdaul gären erausgesicht gëtt an d'Decisioun vun deenen 3 Gemengen also de richtige Choix war!

Et bleiwen awer och déi schéi Momenter vun Hochzäits- a Pacsfeieren an eiser Gemeng an an der Krypta, déi eenzigartig ass, zemol bei guddem Wieder.

Mat vill Méi a Suergfalt hu mir dës Editioun vum Ripevusch zesummegestallt an ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir mengem Schäffen- a Gemengerot, dem administrativen, dem technischen an dem Aarbechterpersonal souwéi och dem Léier- a Maison Relais-Personal een oprichtige Merci ze soe fir déi geleeschten Aarbecht an dat gutt Zesummeschaffen!

Op der Schwell vum neie Joer a viru Chrëschtdag wënschen ech all eise Biergerinnen a Bierger dat Allerbescht fir d'Zukunft, eng gutt Gesondheet, vill Spaass a Gléck an der Famill an op der Aarbecht a besënnlich a frou Feierdeeg!

**Äre Buergermeeschter**



# Aus dem Gemengerot

## 20 septembre 2024

### 1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 28 juin 2024.

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du 28 juin 2024.

### 2. Avis du conseil communal concernant un classement comme patrimoine culturel national de l'église Saint-Maximin et du cimetière sis à Everlange.

L'avis du conseil communal a été demandé suite au courrier reçu par le Ministère de Culture en ce qui concerne un projet de mettre en place une intention de classement comme patrimoine culturel national de l'église Saint-Maximin et du cimetière, inscrits au cadastre de la Commune d'Useldange, section D d'Everlange, sous les numéros 277/279, 278/280 et 268/2186, dont le numéro 277/279 appartient au Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique et dont les numéros 268/2186 et 278/280 appartiennent à la commune d'Useldange. Suite aux discussions menées séance tenante et à l'unanimité des voix, le conseil communal décide de classer comme patrimoine culturel national l'église Saint-Maximin à Everlange (277/279), mais non pas le cimetière d'Everlange (278/280 et 268/2186).

La décision finale incombe au Ministère de la Culture.

### 3. Modifications budgétaires à l'exercice ordinaire 2024.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve diverses modifications budgétaires à l'exercice ordinaire 2024.

### 4. Approbation du plan de gestion forestier 2025

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem présente le plan de gestion forestier 2025 lequel est approuvé à l'unanimité des membres du conseil communal.

### 5. Approbation de conventions.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve diverses conventions, à savoir :

- Convention entre la Commune d'Useldange et l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg en ce qui concerne les modalités de collaboration avec le SEA (Service d'Education et d'Accueil) pour l'année 2024 ;
- Convention avec l'asbl Valorlux en ce qui concerne la prise en charge des coûts de collecte, de nettoyage, de transport et de traitement de certains produits en plastique conformément à la loi du 09 juin 2022 relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement.

### 6. Approbation d'avenants.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve divers avenants à des conventions à savoir :

- Avenant concernant la convention avec l'asbl « Youth & Work » sur l'accompagnement holistique et

le coaching de jeunes et jeunes adultes en situation de fragilité.
- Avenant concernant la convention avec l'asbl « Forum pour l'emploi » sur l'utilisation du Bummelbus pour les citoyens de la commune d'Useldange.

### 7. Approbation d'un compromis de vente.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un compromis de vente avec Monsieur Joel Wagener et Monsieur Martin Parries concernant une parcelle sise à Useldange au lieu-dit « Schiessberg ».

### 8. Approbation d'un compromis d'échange.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un compromis de vente avec Monsieur Joel Wagener et Monsieur Martin Parries concernant une parcelle sise à Useldange au lieu-dit « Schiessberg ».

### 9. Approbation de lettres d'engagement.

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem donne des explications sur le suivi du projet de construction d'une Maison de Santé à Useldange. Ledit projet sera présenté aux membres du conseil communal lors de la prochaine séance du conseil communal.

En amont de cette présentation soumise au vote, des lettres d'engagement ont été signées avec les personnes intéressées à louer des locaux dans ledit bâtiment e.a. avec un laboratoire pour analyses médicales, psychologues, psychothérapeutes, ergothérapeutes…

### 10. Allocation d'un subside extraordinaire.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve un subside extraordinaire pour le compte de l'APECU (Association des parents d'élèves d'Useldange)

### 11. Approbation du projet et devis concernant le projet de transformation et rénovation de la Maison Traufler à Useldange.

Monsieur Marc Ferber, préposé du service technique communal, donne des explications concernant le projet de transformation et rénovation de la Maison Traufler à Useldange suite à la présentation dudit projet par Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem. Le projet est salué à l'unanimité des membres du conseil communal et le projet ainsi que le devis y relatif au montant de 2.954.329,56.-€ sont approuvés à l'unanimité.

### 12. Approbation de titres de recette.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve des titres de recette pour l'année 2024 aussi bien à l'exercice extraordinaire qu'à l'exercice ordinaire.

### 13. Approbation d'un décompte de travaux extraordinaires.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un décompte de travaux extraordinaires et plus précisément le décompte concernant les travaux de remplacement de l'éclairage au hall sportif à Useldange.

### 14. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem informe les membres du conseil communal des dossiers traités au sein du collège des bourgmestre et échevins depuis la dernière séance du conseil communal et informe les membres de la date du prochain conseil communal qui aura lieu le 18 octobre 2024.

### 15. Répartition des heures de congé politique supplémentaires du conseil communal.

Ce point est ajouté à l'ordre du jour de la présente séance et les heures de congé politique supplémentaires sont réparties entre les membres du conseil communal suite à la circulaire de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures.

# 18 octobre 2024

### 1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 20 septembre 2024.

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du 20 septembre 2024.

### 2. Approbation du règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC.

Considérant que le Syndicat intercommunal SIDEC a adapté ses règles concernant la gestion des déchets, ce devoir incombe également aux autorités communales d'approuver son nouveau règlement relatif à la gestion des déchets assurée par ledit syndicat. Le règlement est approuvé à l'unanimité des membres présents.

### 3. Approbation du règlement communal taxe relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC.

Le nouveau règlement-taxe est approuvé à l'unanimité des membres du conseil communal. Il sera applicable à partir du 01 janvier 2024. Jusqu'au 31 décembre 2024, les citoyens ont la possibilité d'échanger gratuitement leur poubelle pour déchets ménagers résiduels en mélange auprès de la commune d'Useldange. Une information y relative sera distribuée aux habitants par voie postale.

### 4. Approbation du projet et devis concernant le projet de construction d'une Maison de Santé à Useldange.

À l'unanimité des membres du conseil, le projet et devis de construction d'une Maison de Santé à Useldange est approuvé. Le devis s'élève à 4.236.923,00.-€ (hTVA).

### 5. Approbation du projet et devis concernant le projet de construction d'un terrain de football synthétique à Useldange.

À l'unanimité des voix le projet et devis du projet de construction d'un terrain de football sythétique à Useldange est approuvé. Le devis se chiffre à 2.071.242,00.-€ (hTVA). Ce projet s'avère nécessaire afin que les autorités communales puissent faire face à la demande toujours croissante de jeunes adolescents s'intéressant au sport de football.

### 6. Droit de préemption.

Deux dossiers pour le droit de préemption sont présentés aux membres du conseil communal.
Les membres du conseil communal décident à l'unanimité des voix de ne pas exercer leur droit de préemption concernant des terrains sis à Schandel et des terrains sis à Useldange.

### 7. Approbation d'une convention.

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal approuvent la convention du Club Senior Atertdall, signée avec les communes de Beckerich, Ell, Groussbus-Wal, Préizerdaul, Rambrouch, Redange/Attert, Saeul et Vichten ainsi qu'avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, représenté par le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre Ensemble et de l'Accueil et l'Association Doheem versuergt asbl.

### 8. Approbation de titres de recette.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve des titres de recette pour l'exercice 2024, à savoir 434.658,64.-€ au service extraordinaire et 157.705,20.-€ au service ordinaire.

### 9. Dénomination d'une rue.

À l'unanimité des membres du conseil communal, le chemin rural menant de la rue Principale à Everlange vers la ferme « Nothum » est nomé « rue Millebësch ».

### 10. Confirmation de règlements de circulation.

Trois règlements de circulation temporaire sont approuvés à l'unanimité des membres du conseil communal.

### 11. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem informe les membres du conseil communal des dossiers traités au sein du collège des bourgmestre et échevins depuis la dernière séance du conseil communal.

Le prochain conseil communal aura lieu le 22 novembre 2024.

Le conseil communal pour le budget annuel 2025 est fixé au 13 décembre 2024.


RHAU


RHAU

# Do wou geschafft gëtt




Projet SIDERO um Fussballsterrain




Projet SIDERO um Fussballsterrain



Ëmbau vun der Schoul Phase 2


Ëmbau vun der Schoul Phase 2


Ëmbau vun der Schoul Phase 2



Erneierung vum Schoulhaff



Erneierung vum Schoulhaff

# Sportifs méritants 2024

La commune d'Useldange veut honorer les sportifs méritants qui habitent et/ou qui évoluent dans la Commune. Cette cérémonie aura lieu le 23 avril 2025 à 18h30 à la buvette du centre scolaire/sportif « Weidfeld » 41, rue de Schandel à Useldange.

Pour ce faire, la Commission des Sports, de la Jeunesse et de la Famille a élaboré un règlement pour garantir un traitement juste et équitable de tous les habitants.

Vous trouvez ci-joint ce règlement ainsi que le formulaire nécessaire. Pour les sports individuels, le sportif lui-même peut envoyer la demande. Pour les sports collectifs, cette demande doit être envoyée par un membre du comité du club sportif.

## Règlement

Pour qu'un sportif (m/f) ait le droit d'être honoré par l'Administration communale il doit remplir certaines conditions :

Info

**Veuillez envoyer la demande jusqu'au 1 mars 2025 au Président de la Commission des Sports, de la Jeunesse et de la Famille :**

- Hugo Correia
  hugo.correia@useldeng.lu
  4, Am Schweitzerhaff
  L-8715 Everlange

### 1. Pour les sports individuels (membres actifs)

- Avoir son domicile dans la Commune d'Useldange ou être membre d'un club sportif ayant déposé ses statuts à l'Administration Communale d'Useldange. Sont considérés comme club sportif tous les clubs adhérant à une fédération-membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL).
- Avoir obtenu des résultats significatifs, càd s'être au moins classé dans les trois premiers d'une compétition nationale ou une fois dans les cinq premier d'une compétition internationale. Est considérée comme compétition nationale toute épreuve organisée par une fédération – membre du COSL reconnue comme telle par celui-ci figurant sur le plan des compétitions de la fédération. Est considérée comme compétition internationale toute épreuve organisée par une fédération étrangère membre du Comité Olympique international.
- Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (minimum 3 participants).
- Être sélectionné dans une sélection nationale ou olympique.
- Avoir réalisé lors d'une compétition nationale ou internationale une meilleure performance nationale de l'année ou avoir réalisé un record national.

### 2. Pour les sports collectifs

- Sont considérées comme sociétés sportives tous clubs adhérant à une fédération – membre du COSL et ayant déposé leur statut à l'Administration Communale de Useldange.
- Avoir réussi la montée dans une division supérieure avec une de ses équipes ou être au moins demi-finaliste d'une coupe fédérale.
  La montée doit être la conséquence de résultats sportifs et non la suite d'une décision fédérale, par exemple la création de nouvelles divisions.
- Avoir obtenu un titre de champion luxembourgeois (minimum 3 équipes participantes).

### 3. Pour un mérite exceptionnel

- Tout club sportif peut proposer des membres licenciés, sortis de ses rangs, qui se sont fait remarquer par un engagement ou par un geste exemplaire qui sert l'idée sportive.
- Tout club sportif peut proposer des personnes qui se sont engagées depuis au moins 20 ans au sein du club.
- Tout exploit sportif exceptionnel ou geste de fair-play d'un sportif ou d'un club sportif (remplissant les conditions sub A1 et sub B1) peut être communiqué à la Commission des Sports, de la Jeunesse et de la Famille. La commission étudie la proposition et décide de son évolution.
- Toute proposition d'un mérite sportif exceptionnel, proposée par un ou plusieurs membres de la Commission, est prise en considération.

Toute demande doit être accompagnée d'un certificat attestant des résultats évoqués. La Commission des Sports, de la Jeunesse et de la Famille soumet ses propositions et avis au collège échevinal, qui en décide en dernière instance.

# Honoration des sportifs méritants (Saison 2024) de la commune d'Useldange

**Le formulaire est à envoyer à Monsieur Hugo Correia pour le 1 mars 2025 au plus tard: hugo.correia@useldeng.lu**

| **Le soussigné (m/f)** | | |
|---|---|---|
| Nom et prénom: | | |
| Adresse: | L- | Localité: |
| N° de téléphone: | | |

**demande par la présente à honorer un sportif méritant dans la catégorie suivante**

| **Pour les sports individuels** | | |
|---|---|---|
| Nom du sportif: | | |
| Adresse: | L- | Localité: |
| Exploit: | | |
| **Pour les sports collectifs** | | |
| Dénomination de l'équipe | | |
| Exploit: | | |
| **Pour un mérite exceptionnel** | | |
| Nom du sportif: | | |
| Adresse: | L- | Localité: |
| Exploit: | | |
| **Documents à joindre** | | |
| certificat attestant le/les résultat(s)évoqué(s) | | |

L'exploit a été réalisé suivant les critères du règlement pour sportifs méritants de la commune d'Useldange.

Fait à ________________________ le ___/___/_____ Signature : ___________________________________

# Mir stellen vir




## Maria Mares

Éducatrice diplomée an der Maison Relais

| | | | |
|---|---|---|---|
| Kaffi | ○ | Téi | ● |
| Pizza | ● | Pasta | ○ |
| Staat | ○ | Duerf | ● |
| Hond | ● | Katz | ○ |
| Bierger | ● | Plage | ● |
| Fréijoer | ● | Hierscht | ○ |
| Nuetseil | ○ | Fréi opstoen | ● |
| Séiss | ○ | Salzeg | ● |
| Gebuertsdag | ○ | Chrëschtdag | ● |
| Vakanz an der Géigend | ○ | Vakanz wäit eweg | ● |

**Alter** ........ *33*

**Vu wou** ........ *Ell*

**Lieblingsiessen** ........ *Pizza*

**Lieblingsgedrénks** ........ *Téi a Sprudelwaasser*

**Lieblingsfilm** ........ *Action- an Disneyfilmer*

**Dat kann ech gutt** ........ *Kachen & Laachen*

**Mäin Hobby** ........ *Spazéieren goen a Vëlofueren*

**Ausbildung** ........ *Éducatrice diplomée*

**Wat dierft laut dir an der Maison Relais net feelen?** ........

*Respekt a Kommunikatioun*

**Wat war wier däin Dramjob wanns de net hei géings schaffen?** ........

*Ech wéilt gären een Airbnb matzen an der Natur geréieren.*

**Op wat kéints du nimools verzichten?** ........ *Meng Famill & d'Natur*

**Däi perfekte Start an den Dag** ........ *Eng Taas Kaffi an e Croissant*

**Wéi eng App benotz du am meeschten?** ........ *Amazon*




# Cindy Holcher

**Aide socio-éducative an der Maison Relais**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Kaffi | ● | Téi | ○ |
| Pizza | ● | Pasta | ○ |
| Staat | ○ | Duerf | ● |
| Hond | ○ | Katz | ● |
| Bierger | ○ | Plage | ● |
| Fréijoer | ● | Hierscht | ○ |
| Nuetseil | ○ | Fréi opstoen | ● |
| Séiss | ● | Salzeg | ○ |
| Gebuertsdag | ○ | Chrëschtdag | ○ |
| Vakanz an der Géigend | ○ | Vakanz wäit eweg | ● |

**Alter** ........ *39*

**Vu wou** ........ *Baschelt*

**Lieblingsiessen** ........ *Pizza*

**Lieblingsgedrénks** ........ *Cola*

**Lieblingsfilm** ........ *La vie est belle*

**Dat kann ech gutt** ........ *Nolauschteren*

**Mäin Hobby** ........ *Lafe goen*

**Ausbildung** ........ *Aide socio-éducative*

**Wat dierft laut dir an der Maison Relais net feelen?** ........ *Humor*

**Wat war wier däin Dramjob wanns de net hei géings schaffen?** ........

*Et gëtt näischt wat ech léiwer géif maachen*

**Op wat kéints du nimools verzichten?** ........ *Schockela*

**Däi perfekte Start an den Dag** ........ *Eng Taass Kaffi*

**Wéi eng App benotz du am meeschten?** ........ *Google Maps*



# Veronique Scheer

**Aide socio-éducative an der Maison Relais**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Kaffi | ● | Téi | ○ |
| Pizza | ○ | Pasta | ● |
| Staat | ○ | Duerf | ● |
| Hond | ● | Katz | ○ |
| Bierger | ○ | Plage | ● |
| Fréijoer | ● | Hierscht | ○ |
| Nuetseil | ● | Fréi opstoen | ○ |
| Séiss | ○ | Salzeg | ● |
| Gebuertsdag | ○ | Chrëschtdag | ● |
| Vakanz an der Géigend | ● | Vakanz wäit eweg | ○ |

**Alter** ........ *35*

**Vu wou** ........ *Osper*

**Lieblingsiessen** ........ *Sushi*

**Lieblingsgedrénks** ........ *Kaffi*

**Lieblingsfilm** ........ *Action Filmer*

**Dat kann ech gutt** ........ *Kachen, baken a bastelen*

**Mäin Hobby** ........ *Spazéieren goen a Vëlofueren*

**Ausbildung** ........ *Aide socio-éducative*

**Wat dierft laut dir an der Maison Relais net feelen?** ........ *Gutt Ambiance*

**Wat war wier däin Dramjob wanns de net hei géings schaffen?** ........

*Educatrice war ëmmer mäin Dramjob.*

**Op wat kéints du nimools verzichten?** ........ *Op mäin Auto*

**Däi perfekte Start an den Dag** ........ *Gutt Laun*

**Wéi eng App benotz du am meeschten?** ........ *Amazon*

TEXT & FOTO: SICONA

# Neie Liewensraum fir Amphibien a Libellen zu Useldeng

An nëmmen e puer Deeg ass bei der Wollefsbaach e Weier vu 6 Ar entstanen: de Wollefsweier. Déi Koexistenz tëschent fléissendem a stagnéirendem Waasser ass ideal fir de Liewensraum vum Heckefräsch an dem Kammmolch mee och fir déi ganz rar Libellenaart, der Helm-Azurjungfer (fr. agrion de mercure, lat. coenagrion mercuriale). Déi spéider Entretiensaarbechten hëllefen, datt d'Fläch adequat Sonn kritt an déi typesch Ufer- a Waasservegetatioun sech kann entwéckelen.



Fiichtgebidder si wichteg fir de Waasserhaushalt an eiser Landschaft a fir d'Aartevillfalt ze erhalen. Hei am Natura 2000 Gebitt Attertdall goufen eng ganz Partie Gewässer renaturéiert, sou datt e Reseau entstanen ass, an deem d'Aarten sech kënnen hin an hier beweegen an austauschen.



Mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, dem Proprietaire a Bewirtschafter, der Naturverwaltung an der finanzieller Kontributioun vum Ëmweltministère konnt dëse Projet ëmgesat ginn.

## Naturpakt – gemeinsam Naturschutz fördern!

Die Gemeinde engagiert sich für den Naturschutz und hat sich vertraglich verpflichtet am Naturpakt teilzunehmen. Er wurde vom Umweltministerium 2021 eingeführt um Naturschutz auf kommunaler Ebene zu fördern und auszuzeichnen. Die Gemeinde stellt zu dessen Umsetzung ein Naturpaktteam zusammen mit unter anderem dem lokalen Förster, einem Vertreter aus dem Schöffenrat sowie dem Naturpaktberater. Das Naturschutzsyndikat SICONA steht der Gemeinde beratend zur Seite. Zusammen werden die bestehenden Naturschutzmaßnahmen geprüft und neue Maßnahmen ausgearbeitet. Ziel ist es, Fauna und Flora nachhaltig zu schützen und eine bestmögliche Auszeichnung für die Gemeinde zu erhalten.

### So funktioniert's

Als erstes wird eine Bestandsaufnahme durchgeführt. Dabei werden alle vorhandenen Naturschutzmaßnahmen bewertet und, je nach Naturschutzimpakt, mit Punkten belegt. Anschließend wird Bilanz durch eine unabhängige Kontrolle gezogen und je nach Ergebnis eine Zertifizierung verliehen. Die Gemeinde erhält, entsprechend der Punktzahl, eine Basiszertifizierung oder kann mit Bronze, Silber oder Gold ausgezeichnet werden. Durch das Umsetzen von neuen, zusätzlichen Naturschutzmaßnahmen erhält die Gemeinde weitere Punkte und steigt in der Einstufung.

Weitere Details finden Sie auf **sicona.lu** und auf **pactenature.lu**

## Pacte nature – promouvoir ensemble la protection de la nature !

La commune s'engage en faveur de la protection de la nature et a souscrit à participer au Pacte nature. Ce dernier a été introduit par le ministère de l'Environnement en 2021 afin de promouvoir et récompenser la protection de la nature au niveau communal. Pour sa mise en œuvre, la commune constitue une équipe dédiée au Pacte nature avec entre autres le garde forestier local, un représentant du collège échevinal et le conseiller Pacte nature. Le syndicat pour la conversation de la nature SICONA conseille la commune et, ensemble, nous examinons les mesures de protection de la nature existantes et en élaborons d'autres. L'objectif est de protéger durablement la faune et la flore et d'obtenir la meilleure distinction possible pour la commune.

### Comment cela fonctionne ?

Tout d'abord, un état des lieux est réalisé. Toutes les mesures de protection de la nature existantes sont alors évaluées et des points sont attribués en fonction des critères. Ensuite, un bilan est effectué par un contrôle indépendant et une certification est attribuée en fonction des résultats. Selon le nombre de points, la commune obtient une certification de base ou obtient la distinction bronze, argent ou or. En mettant en œuvre de nouvelles mesures de protection de la nature, la commune gagne davantage de points et progresse dans son classement.

Vous trouvez plus de détails sur le site **sicona.lu** et **pactenature.lu**

---

SICONA - Naturschutzsyndikat
12, rue de Capellen L-8393 OLM
T : 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

TEXT: THOMAS VÖLKENING

# Castleride-Treff mit neuen Trikots!



Nach langer Planungszeit ist es uns endlich gelungen eigene Trikots für unseren Castleride-Treff zu bekommen. Wie die Fotos zeigen sind es schöne Trikots mit ansprechendem Design geworden.

Wer Interesse hat meldet sich bitte bei der E-Mail Adresse tvolkening16@gmail.com, um Details zu klären. Traditionell steht der Herbst für die Zeit der Randonnéen.

Wir waren hier aktiv bei den Randonnéen in Larochette, Nordstadt, Strassen und Rodange dabei. Natürlich haben wir auch schöne Touren von der Gemeinde Useldange aus unternommen.

Leider ist auch weiterhin das Interesse an der Teilnahme an unseren Touren gering. Deshalb hier noch mal der Aufruf an die mittlerweile 35 Mitglieder unserer WhattsApp-Gruppe: Werdet mal wieder aktiv, und schreibt in die Gruppe, wenn ihr eine Tour unternehmen wollt. Wir freuen uns auf gemeinsame Touren und dem obligatorischen „Pat ze drénken“ mit euch!

Wer Interesse am Castleride-Treff hat und ab und zu mal mitfahren möchte, kann sich gerne unserer Whatsapp Gruppe anschließen, indem er/sie eine E-Mail an tvolkening16@gmail.com sendet, mit Angabe der Telefonnummer.

Ich werde ihn/sie dann in unsere WhatsApp Gruppe aufnehmen. Über die WhatsApp Gruppe bekommt man dann immer Information, wer wann eine Tour plant.

Info

**VTT Castleride Randonnée 2025**

**Neues Datum!**
**Save the date: 18/05/2025!!!**

Unser Streckenmeister, Marcel Welfring, hat sich für 2025 ganz neue Strecken herausgesucht
Es lohnt sich also, sich das Datum schon mal vorzumerken!

Schaut auch mal bei unserer homepage: www.castleride.lu vorbei, da gibt es immer wieder mal etwas Neues zum Stand der Dinge!

## „Es sind Nachbestellungen geplant.“


Tour Useldange



Trikot Castle Ride-Treff

FOTO & TEXT: CLAIRE KOSTER A LYNN HOFFMANN

# Club des Jeunes Useldeng

De Summer 2024 war rëm déi perfekt Geleeënheet, fir als Club des Jeunes rëm eng jett Saachen ze ënnerhuelen

## Ausfluch op Grüfflingen

De 26. Juli hate puer vun eise Memberen zu Grüfflingen am Action Center en amusante Mëtten; hei hu si Lasergame gespillt a si Kaart gefuer. Verschidde courageiert Memberen hunn och e puer Ronnen um Rodeo Torro gedréint.

Info

### Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Email: cdjuseldeng@gmail.com



Grüfflingen



Schueberfouer


Schueberfouer

## Vakanz an Italien

Vum 3. bis den 10. August ware mir mam Club an d'Vakanz an en Haus mat Pool an de Wäibierger vun Italien. Hei hu mir en Trip op d'Mier gemaach, vum gudden Iessen an de schéine Stied profitéiert a vill flott Stonnen am Waasser verbruecht.

Wéi sech dat an Italie gehéiert, ware mir natierlech och op enger Winetasting Tour bei „La Trava", wou mir gutt italieenesch Wäiner geschmaacht hunn. Eis Autoe ware bal ze kleng, fir eis ganz Akeef no der Wäintour mat heem ze kréien!

## Stau

Et muss net ëmmer wäit an deier sinn! Den 12. August ware mir zu e puer op de Stau, wou mir zesummen d'Sonn genoss hunn a vun enger klenger Ofkillung am Waasser profitéiert hunn.

## Schueberfouer

Den traditionellen Tour op d'Schueberfouer stoung den 30. August um Programm. Méi wéi 20 Membere waren zesummen an de Kessel iessen an hu sech duerno gutt op der Fouer ameséiert: déi eng op de Spiller, déi aner beim Comptoir.

## Kleedersammlung

Wéi all Joer këmmert de Club des Jeunes sech ëm d'Kleedersammlung an der Gemeng Useldeng. De 15. September hu mir d'giel Tuten an der ganzer Gemeng verdeelt, déi mer dunn eng Woch drop agesammelt hunn, fir déi duerno beim Kolping Ettelbréck ze spenden.



Italien


Kleedersammlung



Nëssmaart

## Interne Beerpong-Tournoi

Traditionell spille mir ëmmer Enn September eisen interne Beerpong-Tournoi bei eis am Clubsall. Dëst Joer den 28., wou gelousten Ekippe géintenee Beerpong gespillt hunn, fir de gëllege Pokal gewannen ze kënnen. Bei engem klengen Iessen an a gudder Gesellschaft si bis spéit an d'Nuecht d'Bäll an d'Bechere geflunn.

## Journée Commémorative

De 6. Oktober hu mir un der Journée Commémorative deelgeholl, fir de Resistenzler an den Affer vum Zweete Weltkrich ze gedenken.

## Nëssmaart zu Veianen

Fir op den Nëssmaart op Veianen ze fueren, deen dëst Joer op den 13. Oktober gefall ass, hate mir e Bus gelount, deen eis Membere gutt gefëllt haten. Mir hunn zesummen ee schéinen Dag zu Veiane verbruecht an déi eng oder aner Nësscrème degustéiert.

## Halloweenparty

De leschten Dag am Oktober hu mir eis éischt Halloweenparty am Clubsall zesumme mam Club 2000, Club des Jeunes Béiwen a mam Club des Jeunes vu Bruch organiséiert. Mat grujelege Kostümer an Zaubertränk hu mir d'Nuecht vun den Hexen an Zauberer zesumme gefeiert.



Grottefeier


Den D.T. Schandel invitéiert op hire
Jugendtraining
Wéini: All Dënschdes vun 17:30 Auer bis 19:00 Auer
Wou: Am Pingpongssall vun der Sportshal zu Useldeng
DONIC
Bei Interessi oder Froe kennt der iech gäre bei eis mellen: dt.schandel@gmail.com
D.T. SCHANDEL

FOTOS: CHARLES REISER

# Nationale Gedenkdag an der Gemeng







Den nationale Gedenkdag, organiséiert vun der Gemengeverwaltung, zesumme mam Comité du Souvenir - Enrôlés de Force, deen un déi schrecklech Jore fir d'Lëtzebuerger Vollek vun 1940 bis 1945 soll erënneren, gouf dëst Joer um Sonndeg, den 6. Oktober 2024 zu Useldeng zelebréiert.

Wéi déi Jore virdrun, war de Rendez-vous fir de Cortège am Millenhaff zu Useldeng. D'Harmonie Useldeng, zesumme mat dem Pompjeescorps aus der Gemeng, hunn de Cortège an d'Porkierch ugefouert. An enger feierlecher Gedenkmass, hu mir un déi schrecklech Jore vum Lëtzebuerger Vollek zréck geduecht. Als Ofschloss huet dHarmonie Useldeng d'Heemecht gespillt.

A Presenz vum Schäffen- a Gemengerot aus der Gemeng Useldeng war no der Mass d'Gedenkzeremonie beim Monument aux Morts.
Zwee Blummenarrangementer goufe vum Buergermeeschter mam Schäfferot a vum Comité du Souvenir niddergeluecht.

Uschléissend huet de Buergermeeschter Pollo Bodem eng Ried gehalen an de ville Leit Merci gesot fir hiert Kommen op dësem dach ganz wichtegen Dag.

No senge Wieder huet hien déi Leit, déi sur Place waren, am Numm vun der Gemeng op e Frëndschaftspatt agelueden.









# Indiaca Nethoppers Useldeng

Déi nei Saison vun den Indiaca Nethoppers Useldeng ass elo ee gudde Mount al, an d'Motivatioun op den Trainingen ass voll do, fir gutt an de Championnat Enn November ze starten. Un de Start ginn nees eng Dammen-, Hären- a Mixte-Ekipp, a mir triede souwuel am Championnat wéi och an der Coupe mat deenen 3 Ekippen un.

Ier mir awer lassleeë werfe mir nach ee Bléck zréck op puer Resultater vun der leschter Saison an de Start vun der neier Saison, dee gekréint gouf vun eiser 20-Joer-Feier.

Eis Dammen hunn an der Coupe eng gutt Leeschtung bruecht a si schlussendlech déi 3. ginn, d'selwecht wéi dëst och bei den Hären de Fall war. Mat eisen Ekippen aus puer erfuerene SpillerInnen a ganz ville méi neien IndiacaspillerInnen si mir ganz zefridde mat dëse Resultater gewiescht!

Eis Mixte-Ekipp huet dann do nach eng Schëpp drop geluecht an huet et bis an d'Finall, déi an der Coque gespillt gouf, gepackt. Hei hate sech och eng gutt Rei Supporter erëmfonnt, fir d'Ekipp ze ënnerstëtzen. No enger gudder Leeschtung si mir 2. ginn, eng super Leeschtung!

De Championnat hunn eis Dammen op der 4. Platz ofgeschloss, an eis Häre sinn 3. ginn. Am Mixte Championnat konnte mir des Plazéierung nach eemol toppen a sinn 2. ginn. Wéi och an der Coupe si mir mat dëse Resultater ganz zefridde gewiescht.

Eist traditionellt Summerfest no der Summervakanz ass dëst Joer duerch d'20-Joer-Feier vun eisem Veräin ersat ginn. Dës hu mir mat eise Memberen an hire Familljë mat Bowling an engem gudden Iesse gefeiert.

## Wien elo Loscht kritt huet op Indiaca, dee ka gär op een Training luusse kommen

Fir déi nei Saison heescht et elo gutt trainéieren, vill zesumme laachen, Spaass hunn a sech sou gutt wéi méiglech verbesseren, fir topp motivéiert nei unzegräifen, souwuel am Championnat wéi och an der Coupe.



Trainéiert gëtt ëmmer mëttwochs (ausser Schoulvakanzen) zu Useldeng an der Sportshal.

# Een Hexeprozess zu Useldeng ... 400 Joer méi spéit





Bei Geleeënheet vum 400. Joresdag vum Hexeprozess géint d’Katrin Theis zu Uselding koum d’Iddi op, fir dat, wat deemools geschitt ass, ërem lieweg ginn ze loossen.



Zesumme mat den „Les Amis du Prieuré„ haten „d’Kultur- a Buerg-frënn“ eng „Hexewoch“, vum 17.-20. Oktober 2024, mat engem interessante Programm organiséiert.

An zwou gutt besichte Konferenzen, enger vun der Madamm Nicole Brix mam Thema: Krötenschleim und Spinnenbein. Der Mythos „Hexen“: Echte Magie oder Aberglaube?,

an enger vum Här Jean-Claude Muller mam Thema Eng „Hex“ am Duerf viru 400 Joer – den Useldenger Prozess géint d'Theis Trein als Text a sengem Kontext, konnt ee méi iwwert déi historesch Situatioun vun deemools am Duerf gewuer ginn.



© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia







Bei enger Ausstellung zum Thema Hexen an Henker, mam Henker Schächtle vu Konstanz a senger Fra, konnten d'Leit sech ee Bild vun de Folterinstrumenter am Mëttelalter maachen.

Besonnesch ervirzehiewen ass awer och déi interessant Ausstellung vun de Kanner aus der Grondschoul mat hiren Iwwerleeungen zum Thema Hexen. Heibäi hunn d'Kanner duergestallt, dass et esou Situatiounen och haut nach gëtt. Et ass de Kanner bewosst ginn, dass Mobbing an Ausgrenzung vun aneren déi heiteg Manéier vun Hexeverfollgung ass.

Héichpunkt vun deem Weekend war ouni Zweifel awer d'Opféierung vum Hexeprozess vum Katrin Theis, inspiréiert un engem Theaterstéck vum Här Jemp Schuster, an dem originale Prozessakt. D'Madamm Ginette Nierenhausen hat de Skript fir dës Opféierung gemaach an huet zesumme mat der Madamm Stephie Reichert d'Regie iwwerholl. 22 Acteuren aus der Gemeng hunn op eng formidabel Aart a Weis d'Zuschauer den Hexeprozess aus dem Joer 1624 erliewe gelooss.

Esouwuel samschdes owes wéi och sonndes nomëttes war de Festsall am Centre Culturel zu Useldeng ausverkaaft. D'Begeeschterung vun de Leit, déi kucke komm waren, wéi och vun den Acteure war grouss an et gouf vill Luef fir d'Organisateuren.

D'Iwwerdroung vun der Situatioun vun deemools an eis Zäit bei der Schlusszeen an där d'Kand seng Mamm gefrot huet: „Gell Mamma, haut ginn awer keng Leit méi als Hexe verfollegt?“ an der Mamm hier Äntwert: „Nee, mäi Kand, haut sinn d'Leit net méi wéi deemools“,huet äis alleguer zum Nodenke bruecht.

ODER?


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia


© Josée Anzia



© Jil Peiffer


© Jil Peiffer


© Jil Peiffer



© Josée Anzia


© Lé Gregorius


© Lé Gregorius



© Romain Kleer




© Romain Kleer




© Romain Kleer

# Generalversammlung APECU

Den 10. Oktober hat d'APECU op hir Generalversammlung invitéiert. D'Präsidentin war frou puer interesséiert Elteren, Vertrieder vum Léierpersonal wéi och vun der Gemeng konnten ze begréissen.



D'Sekretärin huet op déi vill Aktivitéite vum leschte Joer zeréckgebléckt. Eis Haaptevenementer waren d'Porte-Ouverte, den Afterschool an d'Schoulfest, wou mer 2 Sprangschlässer organiséiert haten an een Zauberer fir d'Kanner invitéiert hunn.

Zum Schluss gouf et nach ee kuerzen Ausbléck wat dëst Schouljoer um Programm steet, do ass d'Porte-Ouverte an der Schoul virgesinn an d'Schoulfest zum Schluss vum Joer.

Duero war et un der Caissière, fir de Bilan vun der Kees ze zéien, deen dëst Joer duerch déi vill Aktivitéite ganz positiv ausgefall ass.

Fir ofzeschléissen, huet de Buergermeeschter der APECU Merci gesot fir hiren Engagement am Sënn vun de Kanner.

Nom offiziellen Deel hu mir dat Ganzt bei engem Éirewäin, offréiert vun der Gemeng, ausklénge gelooss.



TEXT: MAX KOSTER / FOTO: LUSS PAULY

# Harmonie Useldeng




## Ausfluch op d'Musel

Samschdes, den 21. September 2024, huet d'Useldenger Musek een Ausfluch op d'Musel organiséiert, fir hire Membere Merci ze soen, fir dat wat si dat ganzt lescht Joer fir de Veräi geleescht hunn.

Moies fréi goung et mam Bus vu Voyages Unsen zu Useldeng bei der Schoul fort, mat der Destinatioun Tréier, wou mer d'Schëff geholl hunn.

No engem gemittleche Kaffi u Bord vun der Personenschifffahrt Gebrüder Kolb, hu mir hei ganzer 4 Stonnen um Schëff domat verbruecht ze poteren, Kaart ze spillen oder einfach just d'Landschaft ze genéissen, bis mir zu Bernkastel ukomm sinn.

Duerno war eng Visitt vun der Alstad vu Bernkastel geplangt a mir konnten och nach e bëssen duerch Bernkastel tréppelen, ier et mam Bus erëm zréck op Useldeng goung.

Als Ofschloss gouf den Dag mat Ham, Fritten an Zalot beim Péitche Lauer ausklénge gelooss.

## Éischt Prouf mat eisem neien Dirigent

Dënschdes, de 17. September 2024, huet een neit Kapitel fir d'Useldenger Musik ugefaang.

No 14 Joer stoung am Ufank vum Schouljoer, net de Paul Fox als Dirigent virun der Useldenger Musek, mee eisen neien Dirigent, de Christophe Weiland.

De Christophe huet 39 Joer, ass bestuet, ass Papp a wunnt zu Fëschbech bei Miersch.

Hie schafft am État civil vun der Gemeng Gréiwemaacher an huet virun der Useldenger Musek schonn ënner anerem d'Waldbëlleger, d'Greiweldenger, an aktuell och d'Bäerdrefer Musek dirigéiert.

Och mat Jugendensembelen huet hien Erfarung, war hien dach vu Januar 2014 bis Januar 2017 Dirigent vun den Noutewënzer, dat ass d'Jugendmusek vu Gréiwemaacher.

Mir si gespaant op dat, wat eis mam Christophe erwaart a wënschen him eng erfollegräich Hand, vill Satisfaktioun, esou wéi Motivatioun a senger neier Tâche als „directeur de musique" vun eiser Harmonie.

Eis Musikante konnten de Christophe an der éischter Prouf direkt schonn e bëssi kenne léieren. Hei gouf nämlech direkt no der Prouf gegrillt an ee Patt zerwéiert.

---

F.C. JEUNESSE
USELDANGE

Kenns Du Dech aus mat

TikTok

Da mell dech bei eis als
Multi-Media-Manager
info@footballuseldeng.lu

TEXT: CHRISTOPHE HOFFMANN

# Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng



TK Elevator Towerrun zu Rottweil

## Trapeleef fir d'Saison 2024 (Suite):

Wéi schonns an eisem Artikel am leschte Ripevusch ugekënnegt, waren dëst Joer insgesamt 6 Trapelaf-Kompetitiounen um Programm, bei deene Pompjeeën aus eisem CIS deelgeholl hunn. Säit der leschter Editioun hu mer nach un 3 Leef deelgeholl.

## Kölnturm Treppenlauf

De 25.08.2024 am héichste Bürosgebai vu Köln ass et 40 Etagen, 135 Héichtemeter a 732 Träppleker erop gaangen. Dësen Dag hate mer 15 Leefer um Start an 3 Supporter derbäi, sou dass mer eng 2. Camionnette vum CGDIS geléint kruten, fir den Transport ze assuréieren. Ënner eise Leefer ware Jugendpompjeeën, Familljememberen a Pompjeeën.

Verschiddenen ass et net duergaangen, fir 1-mol ze lafen, soudass dës Komeroden 2- resp. 3-mol deelgeholl hunn.

Follgend Resultater konnten an de verschiddene Kategorien erziilt ginn:

**Eenzelleefer am Sportsgezei:**

- Mathis Hoffmann:
  3. Platz M U14 mat 6:33
- Béatrice Hoffmann:
  1. Platz W U16 mat 8:51
- Lena Gutjahr:
  5. Platz W40 mat 7:41
- Danielle Teusch:
  8. Platz W40 mat 9:47

**Teamlaf am Sportsgezei:**

- Emma a Rick Harpes
  1. Platz Mix mat 6:24
- Louis Manoni / Pit Olsem:
  3. Platz M mat 8:45
- Max Kirsch / Max Koster:
  2. Platz M40 mat 9:00
- Martin Loos / Jessica Erhardt:
  1. Platz Mix100 mat 9:47



Kölnturm Treppenlauf



Kölnturm Treppenlauf

**Pompjeeë mat ugeschlossenem Otemschutz:**

- Christophe Hoffmann / Remy Harpes: 2. Platz M80 mat 8:53
- Kaufmann Claude / Remy Harpes: 4. Platz M90 mat 9:06
- Christophe Hoffmann / Remy Harpes: 12. Platz M80 mat 10:48

Dës Resultater hunn natierlech och misse geféiert ginn, dat bei engem gudden Iessen, ier mer d'Heemrees ugetrueden hunn.

### TK Elevator Towerrun zu Rottweil

Hei ass et de 15.09.2024 an engem Testtuerm fir Lifter bis ob d'Aussichtsplattform ganzer 1.390 Träppleker an 232 Héichtemeter an d'Héicht gaangen.

Bei dëser Kompetitioun hu 4 vun eise Pompjeeën a voller Montur mat Otemschutz sech midd gemaach a follgend Resultater erziilt.

- Nico Kleer / Remy Harpes: 3. Platz M80 mat 18:08
- Claude Kaufmann / Christophe Hoffmann: 2. Platz M90 mat 18:33

Als Ofschloss ass et no engem gudde Maufel an engem kale Béier dunn och rëm Richtung Heemecht gaangen.


Schanzenlauf Oberstdorf


TK Elevator Towerrun zu Rottweil


Schanzenlauf Oberstdorf



Schanzenlauf Oberstdorf




Schanzenlauf Oberstdorf

## Schanzenlauf Oberstdorf

Als lescht Kompetitioun fir dëst Joer hu 4 Memberen aus eisem CIS den 19.10.2024 zu Oberstdorf um Schanzenlauf matgemaach.

Ganzer 1.000+ Träppleker an 162 Héichtemeter ass et a voller Pompjeesmontur Skiflugschanze erop gaangen. Dës Trap gëtt als extrem ustrengend empfonnt, well d'Steigung ëfters ännert an déi lescht 57 Träppleker 31cm héich sinn. Dobäi kann een dann och mol kuerz virum Zil e bësse midd ginn, soudass ee sech muss hisetzen, fir eng Paus ze maachen, ier een dann de SchlussSprint untrëtt.

Hei konnte mer weisen, dass eisen Training iwwert dat ganzt Joer seng Friichten dréit an eis 2 Binômen dann och 2 Podiumsplazen erkämpft hunn an Trofeeë mat Heem bruecht hunn.

**An der Kategorie ouni Otemschutz:**

- Claude Kaufmann / Martin Loos: 1. Platz (Alte Knacker ohne PA) mat 13:15

**An der Kategorie mat Otemschutz:**

- Nico Kleer / Christophe Hoffman: 2. Platz (Mannsbilder mit PA) mat 14:28

Owes ass dëst dann och mat engem deftegen Iessen an engem Tour duerch Oberstdorf gefeiert ginn. Den Dag drop si mer bei schéinem Hierschtwieder nach een Trëppeltour an d'Bierger maache gaang an no engem ausgibege Mëttegiessen hu mer dunn de Wee fir heem ugetrueden.

Domadder wier dann d'Trapelaf-Saison fir dëst Joer ofgeschloss.

Well et d'nächst Joer awer weidergeet mat de Kompetitiounen, gëtt och fläisseg iwwert de Wanter weider trainéiert.



Schanzenlauf Oberstdorf




## Familljefest vun de Pompjees-frënn 2024

Sonndes, den 29.09.2024 hate mer eist traditionellt Familljefest, wat mer lo schonn eng Partie Joren organiséieren. Dëst fir eise Memberen an hire Familljë merci ze soe fir hiert Engagement an Aarbecht déi se iwwert dat ganzt Joer leeschten.

Geplangt war, fir am Grillpavillon beim Fussballsterrain ze feieren, well d'Wieder awer net matgespillt huet, hu mer kuerzfristeg alles an de Pompjeesbau verluecht.

Bei dëser Geleeënheet hu mer ee Scheck vun 2.500 € un „Action pour un Monde uni (AMU)" iwwerrescht, dësen ass vun hirem President Claude Metz a senger Fra Marianne Harpes entgéintgeholl ginn.

De Claude huet eis erkläert, dass d'ONG mat dësem Don ee Projet a Bolivien ënnerstëtzt, wou ee System fir d'Opfänke vu Reewaasser installéiert gëtt, fir ugeluechte Geméisgäert ze bewässeren.

Am Nomëtteg, no engem gudde Mëttegiessen, hu mer eng Olympiad „Kleng géint Grouss" organiséiert.

Bei verschiddenen Epreuven hu Jugendpompjeeën an déi grouss Pompjeeë missen hir Fäegkeeten ënner Beweis stellen.

Eise Jugendleeder huet heibäi d'Animatioun iwwerholl, an eisen onparteiesche Jury huet dës no verschiddene Krittäre misse bewäerten. D'Jugendpompjeeën hunn eis bei dëser Geleeënheet bewisen, dass déi grouss Pompjeeën hinnen näischt virmaache kënnen.



# Iewerlenger Bréckestäiler

Zu Iewerleng war di läscht Méint besonnesch an der Rue du Pont an der Rue de la Halte verkéierstechnesch vill lass. Dat bedéngt duerch de Chantier zu Räichel.

Mir hu ganz séier festgestallt, dass vill Chauffeuren sech schwéier dinn sech u Vitesslimitatioun an der Zone 30 ze halen. Duerfir hu mir eng Autocollant Aktioun gestart, bei där mir gratis 30er Pechbiller un d'Stéit an den 30er Zonen am Duerf verdeelt hunn.

Et huet eis immens gefreet, dass vill Leit eisem Opruff nokomm sinn, an hiert Pechbild op d'Bréifkëscht oder Poubelle gepecht hunn. Gefreet huet eis och, dass d'Gemeng hirersäits Backen uewen an d'Strooss gesat huet fir de Verkéier ze berouegen.

Soss sinn d'Iewerlenger Bréckestäiler aktuell amgaangen um Comptoir an hirem Sall an der aler Schoul ze dokteren. Dëse wäert deemnächst fäerdeg ginn, an da steet enger offizieller Ouverture vum Sall näischt mi am Wee.

Am Februar um Buergsonndeg verbrenne mir nees de Wanter mat eiser „Kannerbuerg“.




**Mir hu ganz séier festgestallt, dass vill Chauffeuren sech schwéier dinn sech u Vitesslimitatioun an der Zone 30 ze halen**

FOTO & TEXT: CHARLES REISER

# Flotten Vëlostour duerch d'Gemeng Useldeng



Och dëst Joer waren et eng Rei vu groussen a klenge Vëlosfrënn, déi un der Editioun 2024 vum Vëlostour an der Gemeng Useldeng matgemaach hun.

Virum Start am Millenhaff huet d'Caroline Schmit, Koordinatorin am Kanton Réiden die verschidde Strecke mat engem Family-Tour vu 15 Kilometer an engem Dällchen-Tour vu 26 Kilometer um Terrain vun der Useldenger Gemeng am Detail virgestallt.

No an no hun nach weider Leit sech am Laf vum Moien dem schéinen Tour ugeschloss.

Bei der Arrivée a beim Patt géint Mëtteg huet de Syndikat Kanton Réiden op e Brunch-Buffet invitéiert mat lokale Produkter aus dem Wëlle Westen a musikalisch begleet vun der Band Radiostation.

Bei frëndlichem Zesummesinn huet dësen Dag an der Natur engt würdigt Enn fonnt.

## Natur & Ëmwelt Sektioun Kanton Réiden

### Nistkästen für die Wasseramsel

Die Wasseramsel (Lux.: Waassermärel) ist eine in Luxemburg seltene Vogelart, die nur an sauberen Fließgewässern vorkommt. Um ihr zu helfen, hat die Sektion Kanton Redingen von „natur&ëmwelt“ (in Zusammenarbeit mit SICONA) an der Attert an geeigneten Stellen Nistkästen angebracht.

### Des nichoirs pour le cincle plongeur

Le cincle plongeur (lux. : Waassermärel) est assez rare au Luxembourg car il habite uniquement des ruisseaux non pollués. Par la pose de nichoirs à des endroits propices la section Canton de Redange de « natur&ëmwelt » (en collaboration avec SICONA) vise à soutenir et à augmenter la population des cincles de l’Attert.





*Fotos/photos: Liliane Burton*

Die Nistkästen bieten den Wasseramseln sichere Brutplätze.

Les nichoirs permettent aux cincles de se reproduire en toute sécurité.

### Steckbrief Wasseramsel:

Aussehen: starengroß, weißer Brustfleck

Vorkommen: an sauberen, insektenreichen Fließgewässern mit steinigem Untergrund

Nahrung: Insektenlarven, Würmer, Bachflohkrebse, die tauchend erbeutet werden

Fortpflanzung: zwei Jahresbruten mit bis zu fünf Jungen in einem runden Moosnest mit seitlichem Eingang.



### Caractéristiques du cincle plongeur

Apparence : de la taille d’un étourneau ; tâche blanche à la gorge et à la poitrine

Milieu de vie : ruisseaux clairs avec lits pierreux

Nourriture : larves d’insectes, vers, petits crustacés, capturés en plongeant dans l’eau

Reproduction : deux pontes annuelles avec jusqu’à cinq jeunes dans un nid en forme de boule construit avec de la mousse et des feuilles.

natur&ëmwelt
Section Canton de Redange
8, rue d'Everlange L-8707 Useldange
tél. 23 630 622 - GSM 621 663 677 - jowampac@pt.lu
**compte chèque postal LU82 1111 0528 6193 0000**

# VORSICHT WILDWECHSEL!

POLICE LËTZEBUERG

Über 1000 Wildunfälle registriert die Polizei jedes Jahr in Luxemburg.

Hauptsächlich bei früh einsetzender Dunkelheit kann dämmerungsaktives Wild bei seiner Suche nach Futter oder einem Liegeplatz auf der Fahrbahn angetroffen werden.

Doch auch bei schlechten Sichtverhältnissen (Nebel, Regen oder Schnee) ist in den frühen Morgen- oder Abendstunden sowie nachts Vorsicht geboten.



Zudem kann aufgescheuchtes Wild während der Jagdsaison auf die Fahrbahn laufen.

## UM DIE GEFAHR EINES WILDUNFALLS ZU REDUZIEREN, RÄT DIE POLIZEI:

### Langsamer fahren

Verkehrsschilder, welche vor Wildwechsel oder Treibjagden warnen, sollen ernst genommen werden. Auf den entsprechenden Straßenabschnitten muss die Geschwindigkeit angepasst werden. Mensch und Tier haben bei verminderter Geschwindigkeit mehr Zeit und Raum zum Reagieren.

Zudem werden die Wucht des Aufpralls und der Bremsweg reduziert.

### Bremsen, hupen, abblenden

- Trifft man auf Wild auf der Fahrbahn, hilft nur noch bremsen und hupen.
- Hupen kann das Wild von der Straße scheuchen.
- Das Fernlicht oder die sogenannte Lichthupe blendet dagegen das Tier und erschwert ihm die Suche nach einem Fluchtweg. Zusätzlich blendet das eingeschaltete Fernlicht den entgegenkommenden Verkehr, so dass der Fahrer riskiert die Gefahr durch Wild auf der Fahrbahn zu spät oder überhaupt nicht zu erkennen. Bleibt das Wild auf der Fahrbahn stehen, unbedingt die Warnblinkanlage anstatt des Fernlichts einschalten.

### Beide Straßenränder im Blick behalten

Wild kann sowohl von links als auch von rechts auf die Fahrbahn gelangen. Besondere Vorsicht gilt auf Waldabschnitten. Deshalb sollte der Autofahrer stets beide Straßenränder im Blick behalten.

### Stets mit mehreren Tieren rechnen

Wildschweine und Rehe sind Rudeltiere. Fahrer sollten immer mit mehreren Tieren rechnen.

### Wenn eine Kollision unabwendbar scheint

Lässt sich ein Zusammenstoß nicht mehr vermeiden, sollte der Fahrer so stark wie möglich abbremsen und das Lenkrad in Geradeausstellung festhalten.

Abrupte Lenkbewegungen oder hektische Ausweichmanöver können das Fahrzeug ins Schleudern bringen und so zu einer Kollision mit dem Gegenverkehr oder einem Baum führen, oder das Abrutschen in den Seitengraben mit sich bringen. All dies kann durchaus schlimmere Folgen haben als der Zusammenstoß mit dem Tier.

## NACH EINEM ZUSAMMENSTOß:



- Falls erforderlich einen Krankenwagen anfordern (Tel.: 112);
- Auf Eigensicherung achten und die Warnweste anziehen;
- Die Unfallstelle absichern: Warnblinkanlage einschalten und Warndreieck aufstellen;
- Die Polizei verständigen (Tel.: 113).

Die Polizei warnt davor, das angefahrene Tier zu berühren, aufzuladen oder gar abzutransportieren. Der Abtransport von Unfallwild ist nur nach Freigabe durch die Behörden erlaubt! Ansonsten riskiert man, gegen das Jagdgesetz zu verstoßen und sich der Wilderei schuldig zu machen.

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH




klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

GEMENG USELDENG

energie atelier

LABOMOBILE
UN SERVICE DE BIOLOGIE MÉDICALE ITINÉRANT ET DE PROXIMITÉ

MADE IN LUXEMBOURG

USELDANGE

**Mercredi - 7:00 à 8:30** **École primaire, 41, rue de Schandel**

Prise de sang, Urines, Dépôts d'échantillons


Nous passons également à: Grosbous, Préizerdaul, Mertzig, Saeul, Eischen, Hobscheid, Beckerich, Ell, Redange



*Plus d'informations : labomobile.lu*

Un service BIONEXT

**Vous ne pouvez pas vous déplacer ?**
Avec notre service PICKEN DOHEEM, nous nous déplaçons sans frais à l'adresse de votre choix, à domicile ou sur votre lieu de travail.



# Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**

## Chrëschtdag 2024 ~ Noël 2024

**24.12.2024: Helleg Owend**
**zu Réiden um 18.30 Auer, Chrëschtmetten mat Eucharistiefeier**
**zu Useldeng um 20.30 Auer, Chrëschtmetten mat Eucharistiefeier**

## Kateches fir Äer Kanner - *La catéchèse pour vos enfants*



Vun 3 bis 15 Joer, 9 Katechismusgruppen, ronn honnert Kanner, 4 Niveauen, 3 Sproochen (Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch)
*De 3 à 15 ans, 9 groupes de catéchèse, une centaine d'enfants, 4 niveaux, 3 langues (Luxembourgeois, Portugais, Français)*

**Lieweg Reuniounen fir eng grouss Entdeckung vun der Schéinheet vum chrëschlichen Glawen. Virbereedung op d' Éischt Kommioun, d'Firmung, etc.**
*Des rencontres animées pour une grande découverte de la beauté de l'expérience chrétienne. Préparation à la Première communion, confirmation, etc.*

### D'Mass erklärt fir Kanner an... Elteren! *La messe expliquée aux enfants et ... aux parents !*

**D'Katechese gëtt och an der Mass gemaach, fir datt d'Kanner an dat grousst Gebiet vun der Kierch kënnen antrieden. D'Katechisten erklären a stellen de Kanner an hiren Elteren d'Bedeitung vu Gesten a Gebieder vir.**
*La catéchèse se fait aussi à la messe pour permettre aux enfants d'entrer dans la prière de l'Église. Des catéchistes expliquent et introduisent les enfants et leurs parents à la signification des gestes et des prières.*

**Prochaines messes !**
**24 décembre** (18h30, Redange)
**19 janvier** (10h00, Grosbous)
**9 février** (10h00, Everlange)

### *Un nouveau groupe ouvert à tous!*

*Destiné aux familles dont les enfants ont déjà fait la première communion, ce nouveau groupe des jeunes commence à s'organiser. Il offre la possibilité de vivre et d'approfondir la foi chrétienne par des rencontres variées, autour de la prière, l'explication des commandements de Dieu, l'introduction à la liturgie, la vie des sacrements (l'eucharistie et la confession en particulier), la visite des lieux saints de l'Église, comme la cathédrale de Luxembourg, le tombeau de saint Willibrord, etc.*

**Films, enseignements, visites, pizza, jeux, échanges et discussions, etc., les prochaines dates de rencontre:**
**Samedi 23 novembre 2024**
**Samedi 14 décembre 2024**
**Samedi 11 janvier 2025**
**Samedi 1er février 2025**



**Infos + inscriptions : par.atertdall.cate@gmail.com**





**10€**
ze kaafen am TouristInfo

# Broschüre iwwert d'Geschicht vun der Useldenger Buerg an dem Duerf

Zesummenaarbecht vun de Kultur a Buergfrënn an den Amis du Prieuré d'Useldange

# Gut gewarnt, um richtig zu reagieren.

Das nationale Warnsystem LU-Alert und seine Warnkanäle




LU Alert

DAS NATIONALE WARNSYSTEM

Lade die **LU-Alert App** herunter.

**www.lu-alert.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG


Gutt ze wëssen

# Save the date

## Dezember

### 20.12 — FR
**Wanterconcert**
- Useldeng
  Kierch
- Harmonie Useldeng

*Sidd dir och gespaant, wéi eisen neien Dirigent sech op eisem 1. offizielle Concert presentéiert?*

*Dann notéiert Iech den Datum wa mir eise Wanter-concert an der Kierch spillen.*




## Januar

### 09.01 — DO
**Porte ouverte**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 12.01 — SO
**Neijoerschpatt**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- FC Jeunesse Useldeng

### 18.01 — SA
**Après Ski**
- Useldeng
  Centre Culturel /
  Tit Schroeder Plaz
- Club des Jeunes
  Useldeng

### 25.01 — SA
**Indiaca Damme Championat**
- Useldeng
  Sportshal
- Indiaca Nethoppers

### 26.01 — SO
**Generalversammlung**
- Useldeng
  Clubhaus
- CLVV Useldeng

### 26.01 — SO
**Familljefest**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Kierch am Duerf

### 28.01 — DË
**Träipeniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 31.01 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

# Februar

## 01.02 — SA
**"Mämmories" vum Jemp Schuster**
- Useldeng Cabaretsall
- Kultur a Buergfrënn

## 02.02 — SO
**Generalversammlung**
- Useldeng Centre Culturel
- Harmonie Useldeng

## 07.02 — FR
**Generalversammlung**
- Useldeng Cabaretsall
- Club des Jeunes Useldeng

## 07.02 — FR
**Generalversammlung**
- Rippweiler Centre Culturel
- Duerffrënn Rippweiler

## 13.02 — DO
**Porte ouverte**
- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 15.02 — SA
**Generalversammlung**
- Iewerleng Centre Culturel
- Ferguson Club

## 25.02 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 28.02 — FR
**Afterwork**
- Useldeng Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

# Mäerz

## 01.03 — SA
**Kannerfuesbal**
- Useldeng Centre Culturel
- Jugendkommissioun FC Jeunesse Useldeng

## 08.03 — SA
**Buergbrennen**
- Schandel
- Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng

## 08.03 — SA
**Mat der Buerg duerch d'Duerf**
- Useldeng
- Club des Jeunes Useldeng

## 09.03 — SO
**Buergbrennen**
- Useldeng Schlassparking
- Club des Jeunes Useldeng

## 09.03 — SO
**Buergbrennen**
- Iewerleng beim Barthelemys Emile
- Iewerlenger Bréckestäiler

*Um 15h00 fënnt nees e Fakelbauatelier fir d'Kanner statt an um 17h30 gëtt d'Buerg gebrannt.*

## 09.03 — SA
**Buergbrennen**
- Rippweiler
- Club des Jeunes Rippweiler

## 13.03 — DO
**Porte ouverte**
- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 15.03 — SA
**Generalversammlung**
- Useldeng
- Härenequipe Useldeng

## 22.03 — SA
**Grouss Botz**
- Gemeng Useldeng
- Ëmweltkommissioun

## 25.03 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 28.03 — FR
**Afterwork**
- Useldeng Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

## 29.03 — SA
**Repaircafé**
- Useldeng Centre Culturel
- Kanton Réiden

## 30.03 — SO
**Generalversammlung**
- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum

# Abrëll

## 06.04 — SO
**Ouschtermaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Harmonie Useldeng

## 10.04 — DO
**40. Generalversammlung**
- Useldeng
  Cabaretsall
- Natur&Ëmwelt -
  Sektioun Kanton Réiden

## 13.04 — SO
**Hobby a Floumaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Ferguson Club

## 25.04 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

## 29.04 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 30.04 — MË
**Generalversammlung**
- Iewerleng (Château)
- Amis du prieuré
  d'Useldange

# Mee

## 01.05 — DO
**1. Meefeier**
- Useldeng
  hannert dem Centre
  Culturel
- Harmonie Useldeng

## 01.05 — DO
**Meekranzbannen a Grillfest**
- Schandel
  Café Scholtus
- Ferguson Club

## 15.05 — DO
**Grillfest**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Senioreforum

## 17.05 — SA
**Indiaca Hären Championat**
- Useldeng
  Sportshal
- Indiaca Nothoppers

## 18.05 — SO
**Generalversammlung**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Gaart an Heem

## 18.05 — SO
**Castelride 2025**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunessee Useldeng

## 24.05 — SA
**Galaconcert**
- Useldeng
  Centre Culture
- Harmonie Useldeng

## 26. — 28.05
**Jugend Fussballcamp**
- Useldeng
  Terrain Nic. Anzia
- Jugendkommisioun
  FC Jeunesse Useldeng

## 27.05 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 30.05 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

# Juni

## 14. — 16.06
**Mëttelalterfest**
- Useldeng
- Härenequipe Useldeng

## 15.06 — SO
**Kiermes**
- Schandel
- Schandeler Duerffrënn

# Telefonsbuch

## Gemeng Useldeng
Tél.: 23 63 00 51-1

## Populatioun
- Tom Lehnert
  Tél.: 23 63 00 51-24
  tom.lehnert@useldeng.lu
  Mar : 13h > 19h
  Lun / mer / jeu / ven: 8h > 12h

## Sekretariat
- Marco Versall
  Tél.: 23 63 00 51-60
  marco.versall@useldeng.lu
- Daniel Philippe
  Tél.: 23 63 00 51-26
  daniel.philippe@useldeng.lu
- Bob Waltzing
  Tél.: 23 63 00 51-25
  bob.waltzing@useldeng.lu

## Recette communale
- Tessy Anen
  Tél.: 23 63 00 51-23
  tessy.anen@useldeng.lu

## Service technique
- Marc Ferber
  Tél.: 23 63 00 51-22
  marc.ferber@useldeng.lu
- Luca Denelle
  Tél.: 23 63 00 51-27
  luca.denelle@useldeng.lu

## Relations publiques
- Jil Peiffer
  Tél.: 23 63 00 51-61
  jil.peiffer@useldeng.lu

## Gemengenatelier
- Jean-Claude Ferber
  Tél.: 621 350 920
  jean-claude.ferber@useldeng.lu

## Schoulkomplex & Sportshal
- Jérôme Heirendt
  Tél.: 621 350 921
  jerome.heirendt@useldeng.lu

## Primärschoul
Tél.: 26 61 14-1

## Maison Relais
Tél.: 26 61 14-50 / 621 350 927
maison.relais@useldeng.lu

## Fierschter
- Mike Van Rijen
  Tél.: 24 75 67 33 / 621 202 199
  mike.van-rijen@anf.etat.lu

KANTON RÉIDEN

## Mobilité
Tél.: 28334-040

## Logement (Haus Care)
Tél.: 28334-120

## Vivre Ensemble
Tél.: 28334-210

## Environnement - Conseil énergie
Tél.: 28334-4

## Environnement - Primes électroménagers
Tél.: 28334-430

## Tourisme
Tél.: 28334-5

## Registre national des personnes physiques (RNPP) / Myguichet.lu
Tél.: 24 78 20 00

## Chèque Service
Tél.: 80 02 11 12

## Office Social du Canton de Redange (OS CARE)
Tél.: 26 62 10 55-1

## Centre paroissial
Fir Begriefnisser:
Tél.: 621 686 102

## SIDEC Réiden
Tél.: 26 62 09 13

## SIDEC Fridhaff
Tél.: 80 81 63

## Maison de l'eau de l'Attert a.s.b.l.
Tél.: 26 62 08 08

## Home pour personnes agées St. François Redange
Tél.: 27 13 40 00

## Mobilitéit.lu
Tél.: 24 65 24 65

## Police
Tél.: 113

## Police Réiden
Tél.: 24 49 21 000

## Pompiers/Ambulance
Tél.: 112

GEMENG
USELDENG